N°839
Entrée le 09.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 839 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

Den oppene Bréif vun der Asbl *Intersex & Transgender Luxembourg*, an deem gefrot gëtt, ob et méiglech ass, gewëssen Ännerungen am Beräich vun de Schoulfichieren an de Schouldokumenter virzehuelen, fir op dës Manéier trans an intersex Persounen e bessert Ëmfeld am Schoulalldag ze bidden, ass mir bekannt.

Ech wëll virop betounen, datt ech ee grousst Versteesdemech hu fir d'Problemer, mat deenen dës Persounen am Alldag – an dozou gehéiert och de Schoulalldag – kënne konfrontéiert sinn. Ech wëll och betounen, datt mäi Ministère, zesumme mat de Schoulen, eng kloer Richtlinn huet an am Interessi vun den Transjonken wichteg Initiativen ergraff huet, fir hir Rechter ze schützen an der Diskriminatioun entgéintzewierken.

Wat d'Diplomer betrëfft, sou ass et haut schonn d'Praxis, datt eng Persoun déi hiert Geschlecht an hiren Numm geännert huet, ee Certificat mam neie Numm ausgestallt kritt, dee beleet, datt d'Persoun Titulaire vum Diplom ass. Ech hu meng Servicer chargéiert, eng Analys bis Enn des Joers virzeleeën, fir ze kucken, datt Persounen no enger Ännerung vun hirem Geschlecht a vun hirem Numm och nei Diplomer kënnen ausgestallt kréien. Och soll d'Méiglechkeet gepréift ginn, dës Ännerunge scho virun der offizieller Ännerung vum Persounestand (état civil), op verschiddenen Dokumenter, déi duerch déi informatesch Fichiere vun der Schoul erstallt ginn, virzehuelen. Schonn elo kann ee soen, datt hei eng Rei vu juristeschen an technesche Froen ze kläre sinn, op déi eng präzis Äntwert muss fonnt ginn.

Wat d'Prise en charge ugeet, sou sinn d'Matarbechter vun de SePAS zanter Jore mat der Theematik befaasst a begleeden déi Jonk souwéi och hir Famille virun, wärend an och no der Transitiounsphas.

Fir datt d'Lycéeën als Communautéit besser kënnen op Transjonker agoen, gëtt u pädagogesche Recommandatioune geschafft, déi a Form vun engem Guide Enn vun dësem Joer wäerte publizéiert ginn. De Guide adresséiert sech un d'Schoulpersonal aus de Lycéeën an hiert edukatiivt a psycho-soziaalt Personal (EPS), wéi si Transjonker kënne begleeden an hir Erausfuerderunge besser verstoen. Dëst beinhalt eng Haltung vun Offenheet ouni Jugement, eng Konfrontatioun an eng Ausernanersetzung mat Stereotyppen, de Reperage vun Onwuelbefannen an d'Kommunikatioun an d'Preventioun vun Diskriminatioun. De Guide geet och op d'Theematik vun der Implementéierung vun inklusive sanitäre Raim an Toiletten a souwéi op Recommandatioune fir d'Benotzung vum Virnumm a Bezuch op d'Geschlecht vum Jonken.

En inklusiivt Konzept fir sanitär Raim, Toiletten a Vestiairen ass mat dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ausgeschafft ginn an zanter 2022 Bestanddeel vun der Planung vun allen neien a renovéierte Schoulgebaier. D'Konzept baséiert op dem Prinzip vun der Diversitéit vun de Schüler an dem Respekt vun der Intimitéit fir all Schüler, fir kënne kulturellen, geschlechtlechen a perséinlechen Aspekter gerecht ze ginn an dem Mobbing entgéintzewierken.

Och fir den Enseignement fondamental wäert de SCRIPT e pädagogescht Handbuch zur Verfügung stellen, wat d'Theema vun der sexueller Identitéit an der Diversitéit behandelt mat ënner anerem der Geschlechtsidentitéit an dem Geschlechtsausdrock.

D'Personal vun de SePAS souwéi och aner Membere vum Schoulpersonal am Lycée huelen zanter Joren u Formatiounen zum Theema iwwer den IFEN deel. Zousätzlech bitt den IFEN e Coaching fir d'SePAS an d'Enseignanten un, déi eng méi geziilt Begleedung brauchen, ausgeriicht op eng spezifesch Situatioun oder e konkrete Kontext.

An der Visée vun engem breet ugeluechte Jugendschutzkonzept am Lycée mat der Aféierung vun der neier Funktioun vum Délégué à la protection des élèves per Gesetz vun 2023, steet der Schoulgemeinschaft een Expert zur Säit, deen eng berodend Funktioun iwwerhuele kann, sief et an der Preventioun souwéi och an der Interventioun am Fall vun Diskriminatioun oder Gewalt.

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH